N°932
Entrée le 25.06.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 26.06.2024

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. Juni 2024

Här President,

esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister an den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Esou wéi op engem ëffentleche Flyer ze gesinn ass, trëtt den Här Bausseminister e Mëttwoch, de 26. Juni am Novotel an der Stad, op enger Walveranstaltung vun "ensemble pour la république" , der Partei vum aktuelle franséische Staatspresident op. Hei mécht den ieweschte Lëtzebuerger Diplomat Walkampf fir eng auslännesch Partei.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës dréngend Froe stellen:

1) Wéi gesäit d'Regierung d'Opportunitéit vun engem Walkampfoptrëtt vum Lëtzebuerger Bausseminister fir eng auslännesch Partei? Sollt, besonnesch a Walkampfzäiten, d'Regierung net eng gewëssen Neutralitéit weise fir mat all méiglecher, zukünfteger franséischer Regierung kënne eng vertrauensvoll Basis fir d'Verdéiwung vun eise bilaterale Relatiounen ze schafen?
2) Wéi eng Reegele gëtt sech d'Regierung allgemeng am Kontext vun Optrëtter vu Lëtzebuerger Ministeren am Kader vun engem auslännesche Walkampf?
3) Gouf et am Kader vun de nationale Walkämpf déi an de leschte Wochen a Méint an eisen Nopeschlänner stattfonnt hu weider Optrëtter vu Regierungsmemberen? Respektiv, sinn se an nächster Zäit geplangt? Wa sou Optrëtter stattfonnt hunn, goufen déi Deplacementer da vum Staat bezuelt oder vun enger politescher Partei?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

N°932
Entrée le 25.07.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister an vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel op d'parlamentaresch Fro n° 932 vum 25. Juni 2024 vum honorabelen Deputéierten Fernand Kartheiser.**

Duerch de Fait datt hei am Land ewéi an der Reegel och am Ausland politesch Parteien e wichtege Bäitrag zum Fonctionnement vun enger demokratescher Gesellschaft leeschten, ass de fräien Echange mat Vertrieder vun nationalen an internationale Parteien e gewéinleche Bestanddeel vun der Aarbecht vun engem Politiker, dorënner och vun engem Minister.

Lëtzebuerg, de 25.Juli 2024.

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN